N°1500
Entrée le 19.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1500 vum 11. November 2024 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Garantie de dépôt**

Den Artikel 6, Paragraph 1, vun der europäescher Direktiv 2014/49/EU huet de Prinzip vun engem harmoniséierte Montant vun 100.000 Euro pro Persoun a pro Bank als Garantie de dépôt festgeluecht fir gläich Wettbewerbsbedingungen an d'Finanzstabilitéit am europäesche Bannemaart ze garantéieren. Heibäi handelt et sech ëm eng Maximalharmoniséierung. An anere Wierder däerfen d'Memberstaaten net iwwert dëse Montant rausgoen.

Gläichzäiteg gesäit virgenannten Direktiv fir bestëmmte Fäll Ausname vir. An deene Fäll kënnen d'Memberstaaten erlaben, Dépôten iwwert de Montant vun 100.000 Euro eraus, zäitlech ze garantéieren. Dat gëllt zum Beispill fir Transaktioune betreffend privat Wunnengen oder och nach am Fall vu besonnesche Liewensëmstänn, wéi engem Bestietnis, enger Scheedung, engem Stierffall, der Pensioun oder enger Entloossung. Lëtzebuerg huet dës Bestëmmungen duerch ee Gesetz vum 18. Dezember 2015 ëmgesat an d'Garantie spillt an dëse Fäll bis zu engem Montant vun 2,5 Milliounen Euro.

Ofschléissend ass also festzehalen, dass eng eesäiteg Erhéijung vum harmoniséierte Montant vun der Garantie de dépôt net de Virgabe vun den europäesche Gesetzer entsprécht. Virun deem Hannergrond gëllt et elo déi ëmfaassend Reform vum europäesche Kader fir de Krisemanagement vu Banken ofzewaarden.

Lëtzebuerg, den 19. November 2024
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth